ADMINISTRATION COMMUNALE
HELPERKNAPP

Helperknapp, 01/07/2022

Rapport vun der Integratiounskommissioun vum 21.06.2022

Presenzen

Present	Net present
Ruef-Vogt Liselotte (présidente), Asselborn Tanja (secrétaire), Fernandes José, Wieditz Gabriele, Milmeister-Naik Amina, Simon-Stammet Nathalie, Eicher-Karier Christiane, Heinz Joé, Ludwig Patrick, Moreira Cardoso Carlos (membres)	Graff Yolande, Noesen Henri, Vosman Joske

Punkt 1 Introduktioun

D'Kommissioun approuvéiert de Rapport vun der Sëtzung vum **28. Abrëll 2022**. Dëse kann um Site vun der Gemeng publizéiert ginn.

Punkt 2 Foto

D'Liselotte deelt mat, datt de Bill Jos **méindes, de 4. Juli 2022** eng Foto vun der 3. Alters-Kommissioun zu Béiwen an der aler Gemeng mécht. D'Integratiounskommssioun schléisst sech hei un a giff sech kuerz **viru 19:00 Auer zu Béiwen bei der aler Gemeng** treffe fir eng Foto vun der Kommissioun ze maachen.

Punkt 3 GRESIL

D'Yolande an den Heng hunn den 15.06.2022 um GRESIL zu Miersch am Kulturhaus deelgeholl. D'Kommissioun krut verschidde Flyeren ausgedeelt. Et ass ënner anerem ëm d'Aschreiwung vun den Auslänner fir d'Gemengewale gangen. D'Awunner solle fréi genuch Bescheed kréien iwwert d'Méiglechkett sech fir d'Gemengewalen anzeschreiwen. D'Kommissioun hällt fest fir op der Soirée de bienvenue déi auslännesch Awunner fir d'Aschreiwung ze motivéieren. Dëst och a Form vu Flyeren, déi een hei ka verdeelen.

Helperknapp, 01/07/2022

D'Liselotte informéiert d'Kommissoun iwwert den Demokratie Labo (eng interaktiv Ausstellung iwwert d'Demokratie), den aktuell zu Miersch am Kulturhaus stattfënnt (30.05.-17.07.2022).

Punkt 4 Chrëschtmaart

De José deelt mat, datt et aktuell ganz schwéier ass eng Firma ze fannen, déi Chalete verlount. Hien huet een Devis bei der Firma **Holzchalet.lu** vu Bascharge ugefrot. Hei ass d'Locatioun fir 1 Chalet **+- 1.000,00€**.

Eng zweet Optioun wär bei der Mierscher Gemeng nozefroen fir hier Chalete geléint ze kréien. De Mierscher Chrëschtmaart fällt 2 Weekender virun dem Chrëschtmaart zu Bruch. De Marc Mannes hatt d'lescht Joer dës Optioun dem José proposéiert. Hei kéint een nach eng Kéier nofroen.

D'Kommissoun mécht d'Propose un d'Gemeng fir Chaleten ze kafen, déi dann och fir aner Manifestatioune kéinte genotzt ginn.

Den Ensemble Voice Emotion giff fir de Chrëschtmaart ee Concert virdroen. **Hei läit de Käschtepunkt bei 600,00€. De Schäfferot muss nach säin Accord ginn.**

D'Schoulkanner mam Léierpersonal solle fir d'Rentrée 2022-2023 gefrot ginn ob sie eng Aktivitéit fir de Chrëschtmaart giffe plangen. Aktuell mécht dat nach net vill Sënn duerch d'Plënneren an déi nei Schoul an eng nei Obdeelung vun de Klassen.

Et wier och flott wann d'Schoulkanner vun der UGDA rëm giffen ee Concert spillen. De Pit Schoumacher huet als Responsabel vun der UGDA opgehalen. D'Madamm Micky Thein huet dës Fonktioun iwwerholl. D'Kommissioun ka Kontakt mat der Madamm Thein (Tél. 22 05 58-33) ophuelen fir nozefroen, ob sie een Concert giffen organiséieren.

Hei ass dunn d'Iddi opkomm fir de Concert am Theatersall vun der neier Schoul z'organiséieren, well d'UGDA d'Musekscoursen ab der Rentrée 2022-2023 an der neier Schoul zu Bruch ofhällt.

Et kéint een och de ganze **Chrëschtmaart um Site Campus Helperknapp** organiséieren. De Site hätt vill Virdeeler zu der Plaz bei der Kierch: vill Parkplazen, méi kannerfrëndlech well de Site net bei der Strooss läit, Toiletten, Spullméiglechkeet, etc). **Et soll op der Gemeng nogefrot ginn, ob déi Méiglechkeet giff bestoen.**

Punkt 5 Soirée de bienvenue

D'Soirée de bienvenue ass geplangt fir **freides, den 18. November 2022 zu Bruch an der Koll.**

Helperknapp, 01/07/2022

Kado fir déi nei Awunner: Kaart Helperknapp vum Leader-Projet “Histoschool”. D’Gemeng misst eng nei Oplach dréckeloossen, well de Büro Leader net méi genuch Exemplairen huet. -> **Ufro un de Schäfferot**

Punkt 5 Divers

Visite Foyer Mariendall : dënschtes, den 28. Juni 2022 um 10:30 Auer mam Liselotte, dem Schäfferot an dem Tanja a Jeff vun der Gemeng

“Kommt ALL an de Märjendall”: fënnt sonndes den 11. September 2022 um Site vum SNJ am Mariendall statt. Eng Mail fir ze hëllefen ass un all d’Kommissiounen an d’Veräiner aus der Gemeng verschéckt ginn. **Eng éischt Réunioun ass méindes, den 11. Juli 2022 um 19:00 Auer um Site vum SNJ am Mariendall**. Als Integratiounskommissioun soll gekuckt ginn d’Leit aus dem Foyer Mariendall an déi ukrainesch Flüchtlinge mat an d’Fest anzebannen.

An der Annexe ass **d’Lëscht mat de Gebäier an de Site** vun der Gemeng. D’Kommissoun freet, ob vun dëse Gebäier a Siten eng Foto fir d’Soirée de bienvenue gemaach ka ginn fir se de neien Awunner ze weisen.

Déi nächst Réunioun ass **dënschtes, den 27. September 2022 um 19:30 Auer am Sëtzungssall vun der Gemeng zu Téinten.**